

Bestëmmungen

Onerlaabten Opféierungen, onerlaabten Ofschreiwien, Kopéieren, Verlaine vu Rollen müssen als Verstouss géint Urheberrecht verfollegt ginn. All Rechter och d'Iwwersetzung, deelweis oder ganz Radio a Fernsehiwwerdroung gehéieren dem Verlag. D'Recht fir d'Stéck opzeféieren kritt ee just beim Verlag.

Info-Box

Bestell-Nummer:	13015 LU
Sprooch:	Lëtzebuergesch
Kaméidistéck:	5 Akte
Bünebiller:	1 Terrasse
Spilldauer:	+/- 100 Min.
Rollen:	8
Frauen:	4
Männer:	4
Rollensatz:	9 Hefte
Preis Rollensatz	142,00€
Aufführungsgebühr pro Aufführung: 10% der Einnahmen mindestens jedoch 85,00€	

13015LU

Schwéiermammen

(Kaméidistéck an in 3 Akten)

vum

Jos Weimerskirch

Inhalt :

Wéi leeft een mat enger Schwéiermamm déi een haasst?

Wéi iwwerzeegt ee säi Mann, dass seng Schwéiermamm frou mat him ass, wou hien grad ufänkt drun ze zweiwelen?

Wéi ass ee sech sécher, dass säi Partner mat engem frou ass, an dat net just wéint dem Geld wat ee mat an d'Bestietnes bréngt?

Wéi ginn ech mat der eegener Mamm ëm wann déi den zukünftege Mann haasst?

Wéi iwwerzeegt een seng eege Fra, dass ...?

D'Stéck spillt an der Géigewaart.

Bünebild:

Eng Terrasse hannert engem Haus.

Persounen:

Persounen	Beschreibung	Asätz
Melle Léonie BERTEMES	Sekretärin vum Arsène	
Arsène	Papp vum Tun	
Tun	Dem Michelle säi Frënd	
Roland	Dem Arsène säin Chauffer	
Suzette	Zukünfteg Schwéiermamm; Mamm vum Michelle	
Michelle	Dem Suzette an dem Paul säi Meedchen	
Paul	Dem Michelle säi Papp	
Carmen	Eng Niddelchen	

Bestëmmungen

Onerlaabten Opféierungen, onerlaabten Ofschreiwien, Kopéieren, Verlaine vu Rollen mussen als Verstouss géint Urheberrecht verfollegt ginn. All Rechter och d'Iwwersetzung, deelweis oder ganz Radio a Fernsehiwwerdroung gehéieren dem Verlag. D'Recht fir d'Stéck opzeféieren kritt ee just beim Verlag.

Akt 1

Szeen 1

(D'Suzette ass aleng op der Bün. Et gesäit een, dass Si opgedréint ass. D'Michelle kënnt eran.)

Suzette Moie mäi Kand. Ass dee Cretin net derbäi?

Michelle Mamm, et geet duer! Fänk nees net domadder un.

Suzette Wéi? Hunn ech net d'Recht gewuer ze ginn fir wat *(Betounung ass "fir wat")* dat Wiesen, wat riskéiert mäin Eedem ze ginn, net mat senger zukünfteger Fra kënnt,

Michelle Dach, *(am selwechten Toun)* dat Wiesen, wéis Du sees, muss dofir awer net Cretin genannt ginn.

Suzette *(mécht wéi wann et net méi wéisst wat et gesot huet)* Hunn ech dat Wiesen Cretin genannt?

Michelle Jo!

Suzette *(mécht nach ëmmer erstaunt)* Dat erstaunt mech. *(ganz iwwerzeegt)* Dat ass jo guer kee Wuert wat ech benotzen.

Michelle *(éierlech)* Dann hues Du dech nach ni héiere schwätzen.

Suzette *(spilleresch)* Entspan dech! *(iwwerzeegt)* Ech héiere mech ganz gudd. Ob alle Fall kann ech meng Bemierkungen vun de leschte Wochen net a Fro stellen.

Michelle Ech wier frou, wanns de dech pake géif. Op mannst dëse Weekend.

Suzette Du bass Daer des net bewosst. Mee ech rappe mech schonns zënter iwwer 2 Joer zesummen. Zënter, dass Du maer den Tun virgestallt hues. Et ass maer nach wéi gëschter *(imitéiert den Tun)* "Bonjour Madame".

Michelle Wat häss Du da gären? Dat e gesot hätt "Bonjour Monsieur"?

Suzette Dat wier maer nach léiwer gewiergt. Schlussendlech war et di éischte Kéier wou e mech gesinn huet. Do wier e bëssen Originalitéit besser gewiergt *(mécht wéi wann se nodenke géif)* Sécher, dee Bouf ass e bëssen beschränkt. Mee en hätt et ob mannst kéinte probéieren, am Platz vun *(mécht en no)* "Bonjour Madame". An dunn direkt duerno d'Blummen. Wann ech drun denken, dass Milliounen vun Schwéiermammen e Bouquet vun hirem Eedem iwwerrecht kréien an, dass déi dann all soen "Et wier dach net néideg gewiergt, nee wat sinn déi schéin", *(hält op Theater ze spillen)* Schwéiermammen, meng Schwëstere, sidd Aech bewosst, d'Hell ass voll mat Eedemen déi hirer Schwéiermamm Blummen geschenkt hunn. *(eng Paus an dann an engem degoutéierten Toun)* An dann ass mäin och nach al.

Michelle *(erstaunt, well hire Verloobten just een oder zwee Joer méi al ass wéi si)* Den Tun ass dach keen alen.

Suzette *(definitiv)* Dach! *(erkläert hir Gedanken)* Enger Schwéiermamm Blummen ze schenken maache just Aler.

Bestëmmungen

Onerlaabten Opféierungen, onerlaabten Ofschreiwien, Kopéieren, Verlaine vu Rollen mussen als Verstouss géint Urheberrecht verfollegt ginn. All Rechter och d'Iwwersetzung, deelweis oder ganz Radio a Fernsehiwwerdroung gehéieren dem Verlag. D'Recht fir d'Stéck opzeféieren kritt ee just beim Verlag.

Michelle Hien ass keen Alen.

Suzette Vun deem Moment un wou de Mann méi al ass wéi seng Fra ass et en Alen. An der Kirch wäerten d'Leit mengen maer hätten di ganz Hochzäit arrangéiert, wéi am XIXème Joerhonnert. Ech héieren d'Leit scho schwätzen. "Wien hätt kéinte mengen, dass esou eng Feministin hiert Meedchen verkeeft".

Michelle (*packt sech net méi*) Mat deem Geld wat en huet, huet e sécher net vill bezuelt.

Suzette Mengs de dat géif mech tréischten. D'Leit wäerten all mam Fanger op mech weisen a soen dat ass déi di hiert Meedchen mat egal wiem bestuet huet.

Michelle Hien ass jo awer och net aarm, just, dass ech méi räich sinn wéi hien.

Suzette (*dréit ganz duerch*) E Gigolo!

Michelle Eng Fra déi méi räich ass wéi hire Mann, dat misst dach an denge Feministe Kreesser gudd ukommen.

Suzette Villäicht! Mee fir dass d'Bestietnis unhält, wëll ech awer kee Poulet am Schäffchen.

Michelle (*wëll dass all Gespréich ophält*) An der Rei.

Suzette Verspréchs Du maer dat?

Michelle Jo ech verspriechen Daer dat. Mee dann hätt ech awer och gären, dass du dech dëse Weekend e bëssen dru gëss. Ech waarden zënter 2 Joer op dësen Ament.

Suzette (*ongleeweg*) Zënter zwee Joer waarts Du drop e Weekend mat dengem zukünftege Mann ze verbréngen.

Michelle Nee, zënter zwee Joer waarden ech drop, dass hien maer säi Papp virstellt.

Suzette Ech hat scho ganz vergiess, dass de ganzen Trapp hei optrëtt.

Michelle Just säi Papp (*fënnt et witzeg, dass säi Frënd nach ëmmer säi Papp betitelt, wéi wann hien e kleng Bouf wier*) Bon, säin Pappchen. Sou gëtt e weiderhin genannt.

Suzette (*betount*) Säin Pappchen! Du mengs villäicht ech hätt Virurteeler... De Pappchen: ech kennen deen net.... Ech hunn deen nach ni gesinn. (*mécht eng Paus fir et dem Publikum méi spannend ze maachen*) Ech haassen dat.

Michelle Do iers Du dech, well de Pappchen bewonnert dech.

Suzette Wéi kann de Pappchen mech bewonnere géi, wou e mech nach ni gesinn huet?

Michelle Well den Tun vun Daer geschwat huet.

Suzette (*iwwerdriwwen*) Well och nach dat Dengen sech erlaabt huet, vu maer ze schwätzen?

Michelle Jo, et ass well den Tun vun Daer geschwat huet a well säin Erzeuger am Géigesaz vun Daer, positiv ageallt ass.

Suzette Mengs de?

Bestëmmungen

Onerlaabten Opféierungen, onerlaabten Ofschreiwien, Kopéieren, Verléine vu Rollen mussen als Verstouss géint Urheberrecht verfollegt ginn. All Rechter och d'Iwwersetzung, deelweis oder ganz Radio a Fernsehiwwerdroung gehéieren dem Verlag. D'Recht fir d'Stéck opzeféieren kritt ee just beim Verlag.

Michelle Ech hat Daer et schonns eng Kéier gesot: den Tun bewonnert dech.

Suzette Jo! *(erkläert)* Jo ech wëll soen, Jo Du hass maer et gesot.

Michelle Gëschter nach huet hien maer uvertraut: "Ech hunn ëmmer vun esou enger Mamm wéi vun denger gedreemt".

Suzette Dat stëmmt, da wier en haut besser erzunn.

Szeen 2

Paul *(kënnst eran)* Salut Michelle! Ass den Tun net derbäi?

Michelle Moie Papa! Hien ass op d'Gare säi Papp sichen.

Suzette *(kann sech net méi zeréck halen)* Am 21. Joerhonnert mam Zuch kommen, nee wéi modern. An esou eppes bestiits du?

Paul *(an engem Toun vun engem deem seng Fra kennt)* Ieren ech mech oder kënnst en Donnerwieder?

Michelle *(lues zum Paul)* Kanns Du villäicht eppes ënnerhuelen, fir dass den Drock nees fällt ... Esou wéi si ass, fäerten ech dat schlëmmst.

Paul Preparéier dem Schwéierpapp seng Kummer. Ech këmmere mech ëm de Recht.

Szeen 3

De Paul kann säin Eedem gudd ausstoen a versicht seng Fra esou ze guidéieren, dass alles klappt. Mee leider ass hien ganz ongeschécklech.

Suzette Kanns Du maer soen ëm wat fir e "Recht" 's Du dech këmmers?

Paul *(onschëlleg)* Pardon?

Suzette Däi Meedchen huet dech elo grad gefrot ob 's Du eppes ënnerhuele kéints. Ech géif gäre wëssen vu wat Daer geschwat hutt.

Paul *(versicht sech ganz onschëlleg ze stellen)* Huet hat esou eppes gesot?

Suzette *(bestätegt)* Ganz lues an däin Ouer! Du muss et héieren hunn. Ech hunn et op zwee Meter matkrut.

Paul A sou? A mäin Ouer? Du erstauns mech. Dee Saz muss duerch mäi Gehier gaange sinn, ouni dass en an der Mëtt hänke bliwwen ass.

Suzette Natierlech.

Paul Dat kënnst heiansdo vir.

Suzette Ech huelen un, dass dat näischt mam Kommen vun dengem Eedem a sengem Papp ze dinn huet.

Bestëmmungen

Onerlaabten Opféierungen, onerlaabten Ofschreiwien, Kopéieren, Verlaine vu Rollen mussen als Verstouss géint Urheberrecht verfollegt ginn. All Rechter och d'Iwwersetzung, deelweis oder ganz Radio a Fernsehiwwerdroung gehéieren dem Verlag. D'Recht fir d'Stéck opzeféieren kritt ee just beim Verlag.

Paul (*Mécht wéi wann hien dat ganz vergiess hätt a wéi wann him dat guer net wichteg wier*)
A jo, et ass wouer! Déi verbrénge jo de Weekend mat eis.

Suzette (*guer net getäuscht*) Jo. Wéi witzeg.

Paul Ech hat dat elo ganz vergiess.

Suzette Däi Gehier huet awer haut e schlechten Dag. Wann et net hänke bleift, da geet et einfach derduerch.

Paul (*sicht no enger Ausried*) Wat wëlls de? Esou Detailer beweisen, dass maer keng 20 méi sinn.

Suzette Schwätz Du vun Daer. Mäi Kapp ass nach ganz kloer. Maer war et nach ni esou kloer.

Paul Ob alle Fall, sinn ech frou di zwee ze gesinn. (*eng Paus, erkläert*) D'Michelle kënnt ëmmer aleng op Besuch. (*mécht wéi wann hien d'Äntwert net wéisst*) Kanns Du maer soen fir wat?

Suzette (*Glécklech säi Saz ze placéieren deen et scho laang mat ronderëm sech dréit*) Ech kann Daer et erklären. D'Männer sinn ewéi Kleeder. Di eng deet ee gären owes un fir se senge Bekannten ze weisen, di aner deet ee just doheem un well een déi am léifste guer net weist.

Paul (*Ass sech dee Sproch net bewosst a seet enttäuscht*) Dat bréngt et mat sech, dass ech mäin Eedem schonns zwee Méint net méi gesinn hunn.

Suzette (*wierklech erstaunt*) Zwee Méint?

Paul Zwee Méint.

Suzette Et ass verréckt wéi d'Zäit vergeet. (*eng Paus*) So, en ass sécher gewuess. Ech hoffen maer erkennen en erëm.

Paul (*ouni sech bewosst ze sinn, dass Si de Geck gemaach huet*) Ech wëll jo e Jonken, mee en huet opgehal mat wuessen.

Suzette Wann 's Du et sees.

Paul Ech froe mech bis zu wat fir en Alter ee wüsst?

Suzette Ech weess et net. Mierk Daer déi Fro fir haut den Owend. Dann hu maer beim Owendiessen eppes ze schwätzen. Wanns Du dann nach drun denks.

Paul Ob alle Fall. Kann ech eisen Eedem gudd leiden.

Suzette Ech och.

Paul Maer hu Chance, dass hat frou mat esou engem Mann ass.

Suzette Chance ass net dat Wuert wat ech benotze géif.

Paul Du hues Recht. Wat sech gläicht, fënnt sech. Eist Meedchen huet den Tun richtig verdéngt.

Bestëmmungen

Onerlaabten Opféierungen, onerlaabten Ofschreiwien, Kopéieren, Verlaine vu Rollen mussen als Verstouss géint Urheberrecht verfollegt ginn. All Rechter och d'Iwwersetzung, deelweis oder ganz Radio a Fernsehiwwerdroung gehéieren dem Verlag. D'Recht fir d'Stéck opzeféieren kritt ee just beim Verlag.

Suzette Wann ech esou nodenken ass dat Wuert "Chance" awer net esou falsch.

Paul Natierlech ass hien net räich.

Suzette Well hien näischt huet, kéint ee scho bal soen e wier aarm.

Paul Et ass och egal. Maer hu genuch Geld.

Suzette Du hues Recht. Maer haten d'Chance räich ze ginn an elo kënne maer alles verschenken.

Paul Hien ass zefridden. An dat ass dat wat zielt.

Suzette A jiddereen dee schafft bezilt Steieren. Maer brauchen keng Angscht ëm eis Zukunft ze hunn.

Paul Ech fannen hien immens intelligent.

Suzette Do ginn ech Daer dës Kéier recht. Wann eist Meedchen zu deene weinege gehéiert déi e Gebilte kritt, dann hu maer Chance.

Paul Als Mann sinn ech do villäicht net dee richtegen. Mee ech fannen hien immens flott. Du als Fra, wéi fënnt s Du säi Kierperbau?

Suzette Als Fra mat Kennerbléck muss ech soen, säi Body hält sech nach eng Zäit.

Paul Anerersäits. Eist Meedchen ass och keen Af.

Suzette Ass Daer dat opgefall?

Paul (*versteet deen ironesche Toun vun der Fro net*) Jo, virun 2 Wochen. Et war maer opgefall wéi et sech am Gaart gesonnt huet. Et hat Been bis un den Aresch.

Suzette Wat wëlls du domadder soen?

Paul Dass et schéi Been huet.

Suzette Sécher

Paul Verschiddene géife bezuelen fir esou Been heemelen ze dierfen.

Suzette Wanns Du et sees.

Paul (*mengt naiv, en Diskussiounspunkt fonnt ze hunn*) Et muss een sech froen vu wien et déi eigentlech huet?

Suzette (*mécht wéi wann et matdiskutéiere géif*) Dat muss ee sech wierklech froen. (*méi äiskal*) Wat ass eigentlech u meng Been net gudd?

Paul (*erstaunt*) Näischt. Wat soll eigentlech déi Fro?

Suzette Näischt. Mee an deenen 30 Joer Bestietnis hues Du ni eppes iwwert meng Been gesot. Ech fänken un maer Froen ze stellen.

Bestëmmungen

Onerlaabten Opféierungen, onerlaabten Ofschreiwien, Kopéieren, Verlaine vu Rollen mussen als Verstouss géint Urheberrecht verfollegt ginn. All Rechter och d'Iwwersetzung, deelweis oder ganz Radio a Fernsehiwwerdroung gehéieren dem Verlag. D'Recht fir d'Stéck opzeféieren kritt ee just beim Verlag.

Paul Du wäers jo elo net jalous ginn, nëmme well ech soen, dat eist Meedchen schéi Been huet.

Suzette Dat géif ech dach ni maachen. Wou denks Du hier. *(eng Paus)* Et ass jo och mäi Feeler. Hätt ech mech eng Kéier am Gaart tèschent de Porrette gebräunt wier et Daer sécher opgefall.

Paul Wanns de soss näischt brauchs.

Suzette Entspan dech. Ech si glécklech fir dech. Sou hues Du wéinstens eng Kéier virun dengem Doud schéi Been gesinn.

Paul Ech hu ni behaupt Du häss keng flott Been.

Suzette Mee Du hues maer et och ne gesot an dat ass méi schlëmm.

Paul Ma wanns Du et gären héiere wëlls. Du hues flott Been just ...

Suzette Just?

Paul Si hunn net dee selwechten Alter wéi déi vun eisem Meedchen.

Suzette Egal wéi. Daer zwee waart schonn ëmmer géint mech.

Paul Ma nee.

Suzette Dach. Et geet schonn duer wann een héiert wéis Du d'Been vergläichs.

Paul Dat sinn net ech dee se vergläicht.

Suzette Wien dann?

Paul Den "Etat Civil".

Suzette Do hat e Beamte mech jo eng Kéier fir dem Michelle seng Schwëster gehal.

Paul *(platzt vu Laachen)* Ech kann mech drun erënneren. Wat hate maer do gelaacht. Wat war dee Kärel domm drun.

Suzette En hat e schéint Gesicht.

Paul Hal op ech packe mech net méi

Suzette Dach en hat e léift Gesicht a schéin Aen.

Paul Has Du déi gesinn? Sou wéi deen verdaddert duerch säi Brëll gekuckt hat, sinn déi maer guer net opgefall. De war jo ganz verschotert.

Suzette Dat huet jo awer net verhënnert, dass e mech fir dem Michelle seng Schwëster gehalten huet.

Paul *(packt sech net méi)* Ech géif mech domadder net bretzen. De Mann hat Manéieren.

Bestëmmungen

Onerlaabten Opféierungen, onerlaabten Ofschreiwien, Kopéieren, Verlaine vu Rollen müssen als Verstouss géint Urheberrecht verfollegt ginn. All Rechter och d'Iwwersetzung, deelweis oder ganz Radio a Fernsehiwwerdroung gehéieren dem Verlag. D'Recht fir d'Stéck opzeféieren kritt ee just beim Verlag.

Suzette Fuer nëmmen duer. Ech kann egal wéi näischt géint Aech zwee ënnerhuelen. Zënter, dass hat op der Welt ass, ass hat däi Mëttelpunkt. Dobäi ass alles meng Schold.

Paul Genee.

Suzette Ech hätt sollten e Bouf kréien.

Paul Gelift?

Suzette Et ass dach kloer. Wann eist Meedchen e Bouf wier, géifs Du maer elo net virwerfen, dass hat méi schéi Been huet.

Paul Ob alle Fall.

Suzette An da géif mäi Bouf sech mat 20 Joer och net un esou e weiblecht Géigesteck wéi den Tun bannen. Am Géigendeel. Hien géif bis zu sengen 30 Joer bei senger Mamma bleiwen. An dann hätt en e Meedche kenne geléiert, e ganz doucet a léift (*mat enger Betounung*) mat flotte Been (*denkt no*) mat genau esou flotte Been wéi déi vum Michelle (*eng Paus*) Hien wier sécher dorop eragefall, well säi Papp ass et jo och (*an da ganz traureg*) Daer zwee wäert ob op seng Schéinheet eragefall. Ech si sécher, meng Schwéiesch an ech wieren direkt "bon amie" ginn. Mäi Jong, an ech, maer wieren di beschte Frënn ginn. Maer wieren allen 3 mateneen an d'Kirch era gaang. An do hätte maer eis ob éiweg d'Wuert ginn. A beim Erausgoen, hätt ech eis 3 virun der Kirch fotograféiert. (*bal hysteresch*) Bass Du Daer bewosst wéi glécklech maer gewiergt wieren wa maer e Bouf krut hätten?

Paul Wa mat e bësse Pech dem Tun säi Papp Psychologe ass, da geet mat Sécherheet e Weekend net duer.

(*Et schellt.*)

Suzette Lo sinn se do! Ech wëll se net gesinn.... Ech wëll se net gesinn....

Paul Ech wëll och net, dass se dech esou gesinn. (*rifft*) Michelle!

Szeen 4

Michelle (*kënnst eran*) Geet eppes net?

Paul Dach, denger Mamm geet et gudd. Just, Si muss nach en Tuer duerch de Gaart trëppelen. Wiers Du esou léif dech e bëssen ëm eis Gäscht ze këmmen, bis et hir besser ass....

Michelle (*zum Suzette*) Fir wat kräichs Du?

Suzette (*ganz hoffnungslos*) Well s Du häss sollen e Bouf sinn.

Michelle Wéi?

Paul Net schlëmm, just eng kleng Deprimme. Dat kënnst jidderengem emol fir. Esouguer de Freud hat der wéi e jonk war. (*zum Suzette*) Komm, kräisch am Gaart weider. Ech hunn dee schonns zënter dräi Deeg net méi genat.

Suzette Paul? Ne wat sinn dat schéi Been.

Paul Daer ginn der schonns zënter éiweg net méi produzéiert.

Bestëmmungen

Onerlaabten Opféierungen, onerlaabten Ofschreiwien, Kopéieren, Verlaine vu Rollen mussen als Verstouss géint Urheberrecht verfollegt ginn. All Rechter och d'Iwwersetzung, deelweis oder ganz Radio a Fernsehiwwerdroung gehéieren dem Verlag. D'Recht fir d'Stéck opzeféieren kritt ee just beim Verlag.

Suzette an de Paul ginn an de Gaart.

Szeen 5

(Si ginn. Et schellt. D'Michelle geet opmaachen. Dobaussen ass den Tun. Hien ass streng erzunn an et gefält him net, dass d'Leit hien iwwer all Kléi luewen, nëmmen well säi Papp e bekannte Numm huet. Zënter laangem freet hien sech wéi d'Leit hien behandelte géifen, wa se net wéissten wien säin Papp ass. Dofir huet hien sech entschloss, der Fra déi hien gären huet, net ze soen wien hien ass. Di kal Schëller vu senger zukünftiger Schwéiermamm bréngt hien ganz aus dem Konzept.)

Tun *(vun hannen)* De Pappchen war net op der Gare. Hat hien net ugeruff?

Michelle Nee.

Tun *(kënnt eran mat engem Bouquet Chrysanthèmen)* Ass deng Mamm do?

Michelle *(fillt sech net wuel)* Si kënnt. Si hat eppes Dringendes am Gaart.

Tun Ech sinn esou opgereeget.

Michelle Fir wat? Dofir gött et keng Ursaach.

Tun Heiansdo mengen ech, Si kéint mech guer net leiden.

Michelle *(iwwerspilt)* Meng Mamm kéint dech net leiden. Du bass geckeg. Fir wat mengs Du dann esou eppes?

Tun Ech weess et net. D'Aart a Weis wéi se mech bekuckt wann ech hir Moien soen. An dann all Kéiers dee Seufzer wann ech hir Blummen matbréngen. Di Gewunnecht ëmmer ze kräischen wann ech do sinn.

Michelle Du méchs Daer zevill Gedanken. Si bewonnert di Aart a Weis wéis Du hir Moie sees a si versuergt deng Blummen wéi wann se aus hirem Gaart kéimen. An d'Kräichen. Si kräicht di ganzen Zäit. Dat mécht hire Charme aus.

Tun Du häss hir Ae misse gesinn, wéi ech hir di éischte Kéier Moien gesot hunn.

Michelle Ech zou, si ass e bësse mësstraueg. Normal, Du hëls hir jo och hiert Meedchen eweg. Mee elo wou si dech kënnt, ass dat ganz anescht. En plus hues Du dech ganz gudd verhal. Weess du nach an der Vakanz, wéi si Daer Grenadine an däin Ouzo geschott hat, an du hues dech net getraut hir ze soen, dass Du dat guer net gären hues.

Tun Heiansdo hunn ech den Androck si hätt dat express gemaach.

Michelle Wou denks Du hin. Si war der Meenung du häss dat gären. Du hues hir et jo och ni gesot. Si wollt gudd bei Daer ukommen. *(versicht en ze iwwerzeegen)* Du gefäls hir.

Tun *(wëll weider iwwerzeegt ginn)* Mengs de?

Michelle Ma sécher. Eierlech. Mengs Du ech géif dech bei esou eppes Seriöses beléien? Hei stell Daer vir. Viru net grad enger Stonn sot se „Wann ech e Bouf gehat hätt, hätt ech gewollt et wier een wéi den Tun. An dann huet se nach gesot: *(sicht no Wieder a setzt de*

Bestëmmungen

Onerlaabten Opféierungen, onerlaabten Ofschreiwien, Kopéieren, Verlaine vu Rollen mussen als Verstouss géint Urheberrecht verfollegt ginn. All Rechter och d'Iwwersetzung, deelweis oder ganz Radio a Fernsehiwwerdroung gehéieren dem Verlag. D'Recht fir d'Stéck opzeféieren kritt ee just beim Verlag.

Saz lues a lues zesummen) „dat eenzegt wat mech tréischt ass, dass et net mäi Bouf ass, mee dass et mäin zukünftigen Eedem geet“

Tun (*erstaunt*) Huet Si dat gesot?

Michelle Wuert fir Wuert. An dunn ass se an de Gaart gaangen fir do ze kräischen. Gleeft maer. Meng Mamm fënnt dech aussergewöhnlech (*gëtt sech bewusst, dass se iwwerdreift*). Ech hunn Angscht, mäi Papp kéint jalous ginn.

Tun Gleeft maer, deen huet keng Ursaach.

Michelle (*fillt sech duerch dat Gespréich net wuel a wiesselt d'Thema*) An da bréngs Du hir all Kéiers Blummen mat. Si ass esou frou mat Blummen.

Tun Dat wéisst awer net hiert Gesiicht wann si se auspéckt.

Michelle Meng Mamm ass eng Fra. Du muss net alles gleewen wat se esou aus dem Bauch eraus seet an och net hirem Gesichtsausdrock gleewen.

Tun Des Kéier sinn ech ganz richtig. Ech hat se eng Kéier drop ugesprach mat wat fir enge Blummen si frou wier.

Michelle Ech kennen näischt dervun. Mee déi si schéin.

Szeen 6

Paul (*kënnt hannen aus dem Gaart an iwwerdreift*) Suzette, rot emol wien do ass. Moie mäi Groussen, ech gesinn, nach méi a Forme wéi soss. An kënns de e bèsse bei d'Michelle. E bèsse kolen!

Michelle (*fäert, dass geschwënn en Donnerwieder kënnt*) Geet et der Mamm gudd?

Paul (*ignoréiert di Fro*) Suzette, kënns De? Du fënns ni eraus wien do ass.

Suzette (*kënnt aus dem Gaart*) Tun, mat Daer hat ech awer elo net gerechent.

Tun. A Mamm. Wéi geet et Aech?

Suzette (*zu deenen aneren*) Et freet mech wann hien Mamm zu maer seet.

Tun Jo, d'Michelle hat maer dat gesot.

Suzette (*schockéiert iwwert di Einfachheet tëschent dem Michelle an hirem Schwoer*) Si huet Aech dat gesot! (*si kuckt d'Blummen*) Chrysanthèmen! Wat fir eng gudd Iddie! Ne Häerzi? Du waers elo soen, dofir wier et nach e bëssen ze fréi. Du hues e schlecht Mondwierk. Mee et ass ee ni virsichteg genuch.

Tun Ech hunn dat gemaach wat Daer gesot hutt.

Suzette (*No banne glécklech, dass säin Eedem drop eragefall ass*) Se sinn wonnerschéin. Ech kann Aech net soen wat meng Frëndinne kucke wäerten, wann se mäi Graf gesinn. Déi gi gréng vu Näid, ne Häerzi?

Michelle (*wat hir Mamm kennt a sech alles zesummegereimt huet*) Mamm, Du hues Daer di Blumme selwer erausgesicht.

Bestëmmungen

Onerlaabten Opféierungen, onerlaabten Ofschreiwien, Kopéieren, Verlaine vu Rollen mussen als Verstouss géint Urheberrecht verfollegt ginn. All Rechter och d'Iwwersetzung, deelweis oder ganz Radio a Fernsehiwwerdroung gehéieren dem Verlag. D'Recht fir d'Stéck opzeféieren kritt ee just beim Verlag.

Suzette Wat wëlls Du domadder soen? Dass ech hien ugestallt hunn maer Chrysanthemen ze schenken?

Michelle Genau.

Suzette (*spillt déi Mamm déi net verstane gouf*) Wanns Du dat gleewe wëlls. (*eng Paus*) Sot Eedem, Daer sidd awer gestylet. Richteg erausgefiizt.

Tun Ech si richteg frou wann et Aech gefält. Ech hunn dat net duerch Zoufall ugedo. Meng Kollege soten dat géif am beschte passen.

Suzette Wierklech? Di nächste Kéier frot Aer Feinden. (*eng Paus*) Ass aere Papp net do?

Tun E war net op der Gare. Ech huelen un en huet den Zuch verpasst.

Suzette Et kommen der all Stonn. Villäicht ass en am nächsten. Daer kënnt jo no him kucke fueren.

Tun (*irritéiert*) Normalerweis ass hien pünktlech. Hien huet guer net d'Gewunnecht säin Zuch ze verpassen

Suzette Säin Zuch? Passt op wat Daer sot. Wann hien den Zuch verpasst huet, ass dat nach laang net säin.

Paul (*wëll oflenken*) Ech hunn eng Iwwerraschung fir Aech.

Suzette Fir mech?

Paul Bon, fir eis véier.

Suzette Ech hu maer et och schonns geduecht.

Paul (*zitt eng Fläsch OUZO eraus*) Erënnert deen OUZO Aech u näischt?

Michelle Dach. Dat ass deen Alkohol dee maer leschte Summer an der Vakanz gedronk hunn. Häerzi erënners Du dech drun?

Tun (*litt schlecht*) Jo. Eng wonnerschéin Vakanz.

Suzette Maer haten Daer déi mat Freed geschenkt. Dat ass jo och d'Missioun vun den Elteren vis a vis vun hire Kanner (*Paus*) Och wann dat eis e bësse Geld kascht huet.

Michelle (*lenkt of*) Ech wosst net, dass Du nach eng Fläsch häss.

Suzette (*virwurfsvoll*) Ech och net.

Paul Ech hunn eng Fläsch gehalen fir extra Occasiounen. Opgepasst. (*hien zerwéiert*)

Suzette Huesi, Du hues e kuerzt Gediechtnes (*Si hält d'Fläsch mam Grenadine a gëtt se dem Tun. Deen huet de Grenadine an der enger Hand an an der anerer den Ouzo*) Gudd, dass d'Schwéermamm e bessere Verhalt huet.

Michelle (*kënnt fir dem Tun ze hëllefen*) Mam, ech menge net, dass den Tun Loscht op Grenadine a sengem Ouzo huet.

Bestëmmungen

Onerlaabten Opféierungen, onerlaabten Ofschreiwien, Kopéieren, Verlaine vu Rollen mussen als Verstouss géint Urheberrecht verfollegt ginn. All Rechter och d'Iwwersetzung, deelweis oder ganz Radio a Fernsehiwwerdroung gehéieren dem Verlag. D'Recht fir d'Stéck opzeféieren kritt ee just beim Verlag.

Suzette Mäi Meedchen, wanns Du e bèsse méi op de Goût vun dengem Mann oppasse géifs, géifs Du wëssen, dass hien ëmmer Grenadine a sengem Ouzo huet.

Michelle Villäicht. Mee dat schmaacht him net.

Suzette Wat bass Du awer bornéiert. Mengs Du ech géif mäin Eedem net kennen. Du wëlls jo awer elo net, dass ech mech mat him streiden.

Michelle Mamm, ech schwieren Daer...

Suzette (*ënnerbrécht*) Du wiers maer dach elo net soen, dass den Tun sech huet missen iwwerwannen andeems hien Ouzo gedronk huet deen hien guer net gären huet. (*eng Paus*) Hien huet eis all Kéiers gesot, dee wier excellent. Dann hätt hien jo gelunn. Nee Michelle, esou kriss Du mech net. Du bréngs et net fäerdeg, dass ech gleewen, dass den Tun di gemeinsam Vakanz net genoss hätt, déi ech him bezuelt hunn. (*zum Tun*) Dann hätt dat Aech di ganzen Zäit Iwwerwannung kascht den Ouzo mat Grenadine ze drénken an dat nëmme well mäi Mann Aech deen eng Kéier aus Jux ugebueden hat. Gell Tun, Daer sidd net verlunn?

Tun Nee.

Suzette (*amuséiert*) Ne den OUZA mat Grenadine schmaacht Aech.

Tun Ma natierlech. (*ënnert den Aen vum Suzette wat sech als Gewënner gesäit, schëtt hien sech Grenadine a sai Glas an drénkt*)

Suzette Gesi Daer meng Kanner. Dat zeechent eng staark Famill aus. Déi iwwerwënnt all Mëssverständnis an Daer waren et der vill.

Paul (*Mengt et wier un der Zäit vun eppes anescht ze schwätzen*) A wat hate maer vill iwwert den Alkohol gelaacht.

Michelle Dat war eng schéin Vakanz.

Tun (*hält dergéint*) Eng ganz schéin.

Michelle D'Schwämm war immens

Paul Daer waart di ganzen Zäit dran, wéi kleng Kanner.

Suzette Ech perséinlech hunn d'Mierwaasser léiwer. Ech war begeeschtert wéi propper dat war.

Tun (*kënnt wéi aus der Deckung, ouni Bléck op seng Schwéiermamm*) Ech muss zouginn, ech hat d'Schwämm léiwer.

Suzette (*denkt un dat knaschtegt d'Waasser vun der Schwämm*) Ech och. Et huet maer gefall Aech di ganzen Zäit do ze gesinn. Mee dass Daer mäi Meedchen permanent mat dohinner geholl hutt, ech hat schonns Angscht et géif sech do eppes opafen.

Paul Gudd, dass d'Michelle emanzipéiert ass. Wéi hat nach méi jonk war hat seng Mamm him d'Schwämm ganz verbueden.

Bestëmmungen

Onerlaabten Opféierungen, onerlaabten Ofschreiwien, Kopéieren, Verlaine vu Rollen müssen als Verstouss géint Urheberrecht verfollegt ginn. All Rechter och d'Iwwersetzung, deelweis oder ganz Radio a Fernsehiwwerdroung gehéieren dem Verlag. D'Recht fir d'Stéck opzeféieren kritt ee just beim Verlag.

Suzette Leider hunn ech näischt méi ze soen. Elo wou hat sengem Mann follegt. Do verstoppen ech all Gefiller.

Paul Gudd, dass maer näischt vun denge Gefiller matkrut hunn. Wann deng Aen Laserë gewierkt wieren, dann häss Du jiddereen an der Schwämm domadder ëmbruecht.

Suzette Ech ginn et zou, mee Daer musst awer och zouginn dass et besser ass am Mier ze schwammen wéi di ganzen Zäit am Piss-becken ze sinn.

Paul Dat gi maer gären zou.

Suzette Op mannst esou laang se de Schwëmmer et net verbueden hunn an d'Schwämm ze pissen.

Paul An d'Fësch am Mier déi drécken all d'Chasse op der Toilette?

(Et schellt, d'Suzette geet opmaachen.)

Szeen 7

(Den Arsène kënnt eran. Hien ass egal wéi ugedo. Hannert him sinn d'Léonie an den Roland. Den Arsène ass begeeschtert vu sengem schlechten Androck deen en hannerléisst. De Roland an d'Léonie fillen sech och net wuel well se net wëssen wéi se sech behuele sollen a well se Angscht hunn an dëser Situatioun Saache gewuer ze ginn déi se am Beschten net matkréien. D'Suzette ass sichtlech schockéiert mee no bannen zefridden, dass dem Tun säi Papp e Plou ass. Dat ass fir si de Beweis dass den Tun net dee richtegen Eedem fir si ass. D'Michelle huet den Androck wéi wann all Moment de Plaffong op si fale géif. De Paul dee grouss Stécker op säin Eedem hält ass sichtlech enttäuscht. Den Tun ass schockéiert, dass säi Papp esou wäit gaangen ass.)

Arsène Salut Kolleegen (zum Léonie an zu Roland) Kommt eran. Sidd elo net esou schéi. Macht wéi wann Daer doheem wäert.

Suzette Daer sidd den Haer?

Tun *(fillt sech net wuel)* Erlaabt maer Aech mäi Papp virzestellen.

Arsène *(glécklech e Witz ze maachen)* Dat sinn ech. Ech sinn den Arsène, de Pappchen.

Michelle *(mécht zu deem béise Spill eng gudd Minne)* Et ass maer eng Eier Aech kennen ze léieren. *(stellt sech vir)* Ech sinn d'Michelle. *(eng kuerz Paus)* Erlaabt Daer maer Aech och Pappchen ze nennen?

Arsène Kee Problem dat erlaben ech Daer. Ech hat mech a leschter Minutt entschloss en Ofstiecher op Klierf ze maachen. Wann ee schonn am Éislek ass, muss ee profitéieren Dat gëtt méi bëlleg wéi wann een extra kënnt. Et muss een un alles denken wann ee keng Suen huet. *(zum Suzette)* Gell Dir meng léif Madame. *(went sech un de Rescht)* Ech schloe vir maer spueren eis d'Presentatiounen. Daer sidd zu véier a maer zu dräi ... Dat wier verlueren Zäit! *(eng Paus. Wéi wann di aner net verstanen hätten)* Dat géif ze laang daueren!

Paul *(genéiert)* Den Tun hat net gesot, dass Daer zu dräi kéimt.

Arsène Hien konnt Aech dat net soen, Hien wousst et net *(wéist op d'Léonie an op den Roland)* Des léif Koppel huet mech beim Autostopp matgeholl. *(zum Léonie an zum Roland)* Setzt Aech. *(zu deenen aneren)* Fir hinne Merci ze soen hunn ech se invitéiert de Weekend mat eis ze verbréngen. *(Kuckt ronderëm sech)* Mäi Bouf hat maer gesot, dass Daer an esou

Bestëmmungen

Onerlaabten Opféierungen, onerlaabten Ofschreiwien, Kopéieren, Verlaine vu Rollen mussen als Verstouss géint Urheberrecht verfollegt ginn. All Rechter och d'Iwwersetzung, deelweis oder ganz Radio a Fernsehiwwerdroung gehéieren dem Verlag. D'Recht fir d'Stéck opzeféieren kritt ee just beim Verlag.

enger grousser Braque géift wunnen (*eng Paus*) En hat fir eng Kéier net gelunn. Äert Haus ass wierklech grouss. (*an engem Toun, dass kee Nee soe kann*) Daer hutt sécher kee Problem, dass ech si invitéiert hunn?

Paul Guer net.

Arsène Ëm esou besser. Et wier schued gewiergt, wann si den Ëmwee ëm soss gemaach hätten.

Michelle Daer bleibt jo och net laang. Daer musst den Zuch jo scho muer den Owend huelen.

Arsène Net domm, dat Klengt. (*gesäit, dass si am gaange sinn ze drénken*) Sot Aer Fläsch. Kann do jidderee schmaachen oder ass déi just fir d'Elite reservéiert?

Paul Nee. Daer musst mech entschëllegen. (*wéi wann et him un Erzéiung feele géif*) Ech sinn awer och guer net bei der Saach.

Arsène (*bestätegt de Paul*) Jo, Daer sidd sécher net gewinnt, dass Daer Besuch hutt. Ech kennen di Räich. Si si gären ënnert sech.

Paul (*zum Léonie an zum Roland*) Daer wëllt sécher och e Patt? (*Si wësse net ze äntweren*)

Arsène (*gëtt hinnen d'Erlabnis*) Natierlech wëlle se. Se si just e bësse schei. (*eng Paus*) Hu Daer dës Fläsch aus Griichenland matbruecht ?

Suzette Jo

Arsène Mäi Bouf hat maer verzielt, dass Daer him seng Vakanz bezuelt hutt (*Bal virwurfsvoll*) Wat hu Daer eng Chance de Kanner kënnen e Geschenk ze maachen. Mat Geld kann ee bei hinne punkten. D'Kanner sinn esou méi dankbar, wéi wann ee säi Geld op d'Bank setzt. Ech maachen Aech do kee Virwurf. Mee ech halen drop, dass Daer et wësst.

Tun (*verzweifelt*) Pappchen.

Arsène Wat? Du muss dach zouginn, zënter dass Du a bessere Kreesser verkéiers, bekucks Du mech net méi wéi virdrun. (*zum Michelle*) An Joffer, schlof Daer mat mengem Jong?

Michelle Gelift?

Arsène Jo wat? Schlof Daer mat him oder net?

Michelle Jo natierlech.

Arsène Ëm esou besser! Well an deenen 2 Joer déi ech aleng mat him verbruecht hunn, hunn ech schonns u senger Potenz gezweifelt. D'Potenz vun engem Jong ass wichteg an den Ae vun engem Papp (*zum Tun*) Nondikass.

Tun Pappchen.

Arsène Dach, dach ech gratuléieren Daer (*ënnersicht d'Michelle vun uewen bis ënnen*) Do géif ech och net vun der Bettkannt sprangen.

Tun Pappchen.

Bestëmmungen

Onerlaabten Opféierungen, onerlaabten Ofschreiwien, Kopéieren, Verlaine vu Rollen müssen als Verstouss géint Urheberrecht verfollegt ginn. All Rechter och d'Iwwersetzung, deelweis oder ganz Radio a Fernsehiwwerdroung gehéieren dem Verlag. D'Recht fir d'Stéck opzeféieren kritt ee just beim Verlag.

Arsène Dach, dach, dach.

Michelle (*schockéiert*) Ech huelen un Daer maacht maer e Kompliment?

Arsène Nee, nee, ech sinn éierlech! Ne Léonie. (*zu deenen aneren*) Jo, hat heescht esou. Esou lues a lues stelle maer eis awer een deen anere fir. Ne Léonie et ass e léift deem Kléngen seng nei Frëndin.

Léonie (*gewinnt d'Leiden ze erdroen*) Jo dat stëmmt Monsieur.

Arsène Nennt mech Arsène. Well Daer mech beim Autostopp matgeholl hutt, kënne maer eis roueg duzen (*zum Paul*) Sot, net schlecht Aeren Alkohol.

Paul Jo. Wëll Daer es nach?

Arsène A wéi! Wann et gratis ass, drénken ech ëmmer 2 Gliesser. Schonn aus Prinzip (*weist op d'Suzette*) Di roueg do, wien ass dat?

Suzette Ech sinn dem Michelle seng Mamm.

Arsène Wéi?

Paul Et ass dem Michelle seng Mamm.

Arsène Ass si net e bësse reservéiert?

Paul Neen am normalen net.

Arsène (*bestäegend*) Dach! (*eng Paus*) Eng Schwéiermamm ass „par définition“ e bësse reservéiert. (*zum Suzette*) Gell Dir?

Suzette Ech weess et net.

Arsène Dach! Frot emol aere Mann! Wann Daer net do sidd, denkt hien sécher genau esou wéi ech. Just wann Daer net o sidd kënnt Daer hien net froen. Maer kommen do net eraus. (*eng länger Paus wéi wann hien sech doriwwer de Kapp zerbriche géif*) Ech hat mengem Bouf et gesot „Sammel deng Erfahrungen bei wiem de wëlls“ mee wanns de bis serrieux Absichten hues da géi an a Weesenhaus. Et gëtt näischt Besseres wéi e Weesenhaus, kee Schwéierpapp, keng Schwéiermamm, Sonndes keen lessen mat der Famill. A Chrëschttag keng Leit déi Daer beim Chrëschtbam op d'Nerve ginn, a Mammendag och net di leideg Diskussioun wien een als éischte uruffe soll. Keng Bouqueten déi een ze kafe brauch (*en Zeechen mam Kapp zum Publikum an d'Suzette wat dës Ausso bestätegt*) keng Fotoalbumen wou een sech fir Virfare begeeschtere muss (*zum Suzette*) keng Begriefnisser wou ee maache muss wéi wann een traureg wier. (*eng Paus*) Daer kennt jo d'Jugend. Et gëtt een hinne Rotschléi an da lauschteren se net no. Anerersäits, (*e kuckt d'Haus*) muss ech zouginn, kënnen Schwéierelteren och e Virdeel hunn wann se e grousst Haus hunn! Mee leider ass dat net ëmmer de Fall. Kuckt äert Meedchen. Si wier och ni op d'Iddie komm fir en Typ an engem Weesenhaus kennen ze léieren. (*eng Paus, kuckt ganz serrieux op de Paul*) Hat Daer hir dat op mannst geroen? (*de Paul wénkt "Nee" mam Kapp*) An deem Fall ass dat net hire Feeler. D'Konsequenz ass, datt si elo e Schwéierpapp huet dee keng Suen huet. De grousse Virdeel ass awer, dass ech Wittmann sinn. (*kuckt op d'Suzette*) Gudd Noricht! Äert Meedchen huet scho keng Schwéiermamm méi. Do ginn vill Schnauere néideg. Wann ech de Bilan zéien, setzt mäi Bouf dank Aech am dréchenen an duerch mech huet äert Meedchen keng Schwéiermamm. Dat ass dach en ausgeglacht Verhältnis.

Bestëmmungen

Onerlaabten Opféierungen, onerlaabten Ofschreiwien, Kopéieren, Verlëine vu Rollen mussen als Verstouss géint Urheberrecht verfollegt ginn. All Rechter och d'Iwwersetzung, deelweis oder ganz Radio a Fernsehiwwerdroung gehéieren dem Verlag. D'Recht fir d'Stéck opzeféieren kritt ee just beim Verlag.

Suzette Paul!

Arsène (Zum Léonie an zum Roland déi sech d'Fläsch mam Ouzo geholl hunn) Ech zerwéieren Aech, den Service héi daacht näischt.

Suzette (lues zu Paul) Wann déi sech bestueden (weist op den Arsène) dann hu maer esou eppes bei eis um Dësch setzen!

Paul Do komme maer net derlaanscht.

Suzette (huet Loscht ze kräischen) Paul! Ech muss kräischen.

Paul Solle maer hinne net virdrun hir Kummer weisen?

Suzette Neen elo net. (d'Suzette an de Paul ginn an de Gaart)

Szeen 8

Michelle (Zum Roland an zum Léonie) Ech ginn äert Bett bezéien. Daer entschëllegt. Mee maer hate net mat Aech gerechent. (si geet)

Arsène (zum Roland an engem Toun wou e gäre verstane gëtt) Hu Daer villäicht eng Wallis?

Roland Genau. Monsieur...

Arsène Allez kommt. Nennt mech Arsène (de Roland geet zu der anerer Säit fort wéi d'Michelle)

Arsène (an engem autoritären Toun) Léonie, gidd hëllefen! (si geet zu der Säit eraus wéi den Roland)

Szeen 9

Tun (deen seng Roserei zeréck hält) Kanns Du maer dee ganzen Zirkus erklären?

Arsène Wat fir en Zirkus? Ech maachen dat wat 's Du gären häss. Du wëlls net dass si wëssen wien ech sinn. Gleeft maer wanns Du hinnen elo sees dass 1.500 Leit fir mech schaffen an dass ech an 8 „Conseils d'administration“ setzen a Member zu Canech am Golfclub sinn, dann telefonéieren déi direkt an d'Geckenhaus fir mech anzeweisen.

Tun Ech wollt net, dass Sie wëssen, dass ech räich sinn. Dofir solls Du awer elo net hei als Clochard opzetrieden. (e schwätzt nees normal well e weess, dass all Roserei bei sengem Papp net ukënnt) Kuck Pappchen. Du muss dach selwer zouginn dass du keng Limite kenns.

Arsène Ech kenne keng Limiten! Du bass dee richtegen fir dat ze soen. Nëmme well ech keng Limite kennen sinn ech esou räich. (eng Paus) Eierlech. Du muss wësse wat 's de wëlls. Wëllst de, dass hat mat Daer frou ass a net mat dengem Geld? Gleeft maer, wann ech dëse Weekend mat Aech verbruecht hunn da bleift et fir de Rescht vu sengem Liewen bei Daer well et mat Daer frou ass.

Tun A wann et maer de Kuerf gëtt ?

Arsène Ma da leiers de wat Schimt ass.

Bestëmmungen

Onerlaabten Opféierungen, onerlaabten Ofschreiwien, Kopéieren, Verlaine vu Rollen müssen als Verstouss géint Urheberrecht verfollegt ginn. All Rechter och d'Iwwersetzung, deelweis oder ganz Radio a Fernsehiwwerdroung gehéieren dem Verlag. D'Recht fir d'Stéck opzeféieren kritt ee just beim Verlag.

Tun Schimt.

Arsène Jo, Schimt. Da schumms Du dech iwwer mech. Schumms dech iwwert mäi Geld a schumms dech iwwert dat wat 's Du bass.

Tun Mee.

Arsène Normalerweis hunn d'Leit Schimt wa se aarm sinn. Mee Du hues Schimt well' s de räich bass.

Tun Ech hu keng Schimt.

Arsène Dann erklär maer fir wat 's de zënter 5 Joer ënnert dem denger Mamm hirem Meederchersnumm liefs.

Tun Du weess et. Ech wëll net, dass eng Fra mat maer frou ass, nëmme well ech Geld hunn. Dat ass normal.

Arsène Neen, dat ass net normal Et ass ee frou mat engem well deen esou ass wéi en ass an Du bass eben räich. Also ass et normal dass een dech weinst dengem Geld gären huet.

Tun Ech wëll, dass ee weinst menger mat maer frou ass.

Arsène Jo a wien bass Du?

Tun Ma ech.

Arsène An dat ass wien?

Tun Een mat Humor, mat Intelligenz, mat enger Aart a Wei Saachen ze gesinn.

Arsène (*fiert mat der Opzielung weider*) Ee mat Statur?

Tun Nee. Ech wëll net, dass ee weinst mengem Kierperbau mat maer frou ass.

Arsène Ech hunn eng Iddie. Wéi wier et wanns du dech verstelle géifs fir hat ze testen?

Szeen 10

D'Léonie an den Roland komme mat de Wallissen op d'Bün.

Tun Lauschter! Et ass mäi Liewen. Ech maache wat ech wëll.

Roland Hei sinn d'Wallissen. Chef.

Arsène (*zum Roland*) Ech wier frou wann Daer oppasse géift mech net méi Chef ze nennen. Kuckt wéi ech ugedo sinn: Gesinn ech aus wéi wann ee Chef zu maer soe géif.

Roland Entschëlleg Arsène, d'ass d'Gewunnecht.

Arsène (*entsat*) Wat hu Daer gesot?

Roland (*aentwert automatesch*) Entschëlleg Arsène, d'ass d'Gewunnecht.

Arsène Daer hutt mech geduuzt.

Bestëmmungen

Onerlaabten Opféierungen, onerlaabten Ofschreiwien, Kopéieren, Verlaine vu Rollen mussen als Verstouss géint Urheberrecht verfollegt ginn. All Rechter och d'Iwwersetzung, deelweis oder ganz Radio a Fernsehiwwerdroung gehéieren dem Verlag. D'Recht fir d'Stéck opzeféieren kritt ee just beim Verlag.

Roland Am normale Vollek duuzt een deen aneren, Arsène.

Arsène Stëmmt dat Léonie?

Léonie Oft Chef... ech wollt soen Arsène!

Arsène Gudd. An deem Fall duuzt Daer mech.

Léonie (*ganz professionell*) Gudd. Wann den Arsène erlaabt, et wier gudd wann den Arsène eis och duze géif.

Roland Et wier gudd wann den Haer Tun eis dat och erlabe géif.

Tun Natierlech.

Arsène An glécklech Léonie? Däerfe maer elo endlech dee klengen Tun duzen.

Roland (*zum Léonie*) Joffer, ech huelen un, dass maer zwee eis och upassen.

Léonie Muss ech, Arsène?

Arsène Natierlech! Ech hunn hinne gesot Daer wiert mateneen bestuet.

Léonie (*Geet of well si sech ëmmer fir eppes Besseres gehalen huet*) Verstinn ech elo richtig, dass maer eis zesummen eng Kummer deeke sollen.

Roland (*zefridden hir eng spillen ze kënnen an och a Gedanken senge Kolleegen dovunner erzielen ze kënnen*) Jo, musse maer dat esou verstoen, wéi wa maer an der selwechter Kummer schlofen?

Arsène Jo. Normalerweis ass eng Koppel an der selwechter Kummer. (*klengt als Kommando*) Jo, esou wäert de Weekend verlafen.

Léonie Ma Arsène.

Arsène (*am selwechten Toun*) Esou laang d'Problemer am Stot geléist ginn, schlofen d'Koppelen am 21ten Joerhonnert esou guer am selwechte Bett.

Léonie Arsène.

Arsène A well de Chef an der haiteger Zäit kee Virrecht méi huet, maachen se wat se wëllen.

Léonie Jo awer net bei eis.

Arsène Macht Aech keng Suergen, de Roland bleift haart wéi Eisen. Gell Roland.

Roland Dat stëmmt ech bleiwen haart wéi Stol.

Arsène (*deem dat ganz gefält*) Allez un d'Aarbecht.

Roland (*spillt de Macho*) Du brauchst keng Angscht ze hunn meng Grimmel.

Bestëmmungen

Onerlaabten Opféierungen, onerlaabten Ofschreiwien, Kopéieren, Verléine vu Rollen mussen als Verstouss géint Urheberrecht verfollegt ginn. All Rechter och d'Iwwersetzung, deelweis oder ganz Radio a Fernsehiwwerdroung gehéieren dem Verlag. D'Recht fir d'Stéck opzeféieren kritt ee just beim Verlag.

Arsène (*kritiséiert den Toun vum Roland*) Sief elo net iwwerhiefflech. Du bass dach e Mann vum Vollek.

Roland Häerzi, géff elo net bleech.

Szeen 11

Arsène So, an dëser Braque erdiischtert een jo,

Paul (*kënnt aus dem Gaart*) Daer musst meng Fra entschëllegen. All déi Emotiounen bréngen hat ëm.

Arsène Net schlëmm. Et muss ee jo un eppes stierwen. Ech zerwéieren Aech nach e klengen Ouzo. Maer profitéieren dovunner, dass si net do ass fir d'Fläsch eidel ze maachen.

Szeen 12

Michelle (*kënnt eran*) Aer Kummer ass fäerdeg. Wann Daer wëllt kann ech mat Aech erop goen.

Arsène Gudd Iddie. Weist deenen 2 Verléiften hir Kummer. Bei der Geleeënheet ka mäi Bouf maer och meng weisen.

Michelle, Arsène, Tun, Léonie an Roland ginn vun der Bün. De Paul bleift an drénkt Ouzo.

Szeen 13

(De Paul ass richtig entsat. Hien ass traureg fir säi Meedchen a fir säin Eedem deen e gären huet. D'Suzette ass sichtlech schockéiert, mee freet sech ënnerlech)

Suzette (*ausserhalb der Bün*) Paul?

Paul Ja!

Suzette Kann ech erëm kommen.

Paul Mach wat 's de wëlls. Et ass maer egal.

Suzette Paul.

Paul Ja.

Suzette (*kënnt aus dem Gaart*) Maer sinn net méi ënner eis.

Paul De Weekend ass séier eriwwer.

Suzette Hues Du gesinn wat fir e Papp deen huet.

Paul (*bestätegt*) Lo verstinn ech och fir wat deen eis en 2 Joer verheemlecht huet.

Suzette (*wëll eng Trennung*) Dat däerfe maer net zouloossen.

Paul D'Michelle bestuet jo net de Papp. Den Tun ass jo an der Rei. Hues Du gesinn wéi onwuel dee sech gefillt huet.

Bestëmmungen

Onerlaabten Opféierungen, onerlaabten Ofschreiwien, Kopéieren, Verlaine vu Rollen müssen als Verstouss géint Urheberrecht verfollegt ginn. All Rechter och d'Iwwersetzung, deelweis oder ganz Radio a Fernsehiwwerdroung gehéieren dem Verlag. D'Recht fir d'Stéck opzeféieren kritt ee just beim Verlag.

Suzette Hien huet just simuléiert. Ech wosst et nach ëmmer. Scho wéi hien di éischte Kéier „Bonjour Madame“ gesot huet wosst ech, dass hien just simuléiere géif.

Paul Dat ass deng Meenung. Mee hien mécht eist Meedche glécklech an dat schonn iwwer 2 Joer. Ech bleiwen derbäi. En ass e gudden Eedem.

Suzette E gudde wat?

Paul E gudden Eedem.

Suzette A wat kenns Du schonns vun Eedem.

Paul Hein?

Suzette: Du has dach virdrun nach ni en Eedem. Et ass deen éischte Jong deen d'Michelle eis offiziell virgestallt huet a souwäit ech mech erënneren hues Du soss kee Meedchen.

Paul Jo an.

Suzette Jo an. Et ka keen ouni Verglach urteelen. Du kenns hien gudd wells de soss kee kenns. Du hues och dän éischte Velo mat Stützrieder genial fonnt. An elo wëlls de kee méi. Fir wat. Well s de virdrun näischt anescht kannt hues. Wann eist Meedchen eis bis eng Dosen Eedeme presentéiert huet, eréischt dann kanns Du urteelen.

Paul Dän Argument stëmmt, mee dat gëllt och fir Dech.

Suzette Nee

*Dëst ass en Extrait aus dem Theaterstück
"Schwéiermammen"*

Wëll Dir dat ganz Theaterstück lesen?

Da bestellt dach einfach de ganzen Text als gratis Liesprouf op eiser Websäit.

Op eiser Websäit ënnert dem Theaterstück

Gréng Bestellbox: Gratis Liesprouf, kompletten Text

Rout Bestellbox. Di ganz Rollen

Blo Bestellbox: Liesprouw per Post oder Zousaatzheft zu de Rollen

Wann Iech dat Theaterstück gefallen huet, da bestellt dach einfach
di ganz Rollen am Internet op eise Websäiten.
[www. mein.theaterverlag.de](http://www.mein.theaterverlag.de)

Bestëmmungen

Onerlaabten Opféierungen, onerlaabten Ofschreiwien, Kopéieren, Verlaine vu Rollen müssen als Verstouss géint Urheberrecht verfollegt ginn. All Rechter och d'Iwwersetzung, deelweis oder ganz Radio a Fersnehiwwerdroung gehéieren dem Verlag. D'Recht fir d'Stéck opzeféieren kritt ee just beim Verlag.

Vertrieb

mein-theaterverlag
41849 Wassenberg, Packeniusstr. 15

Telefon: 02432 9879280
e-mail: info@verlagsverband.de

www.mein-theaterverlag.de – www.theaterstücke-online.de – www.theaterverlag-theaterstücke.de. – www.nrw-hobby.de